PIRATEN
SENSIBILITÉ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Här Fernand ETGEN
President vun der
Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, de 4ten August 2020

Kommissioun fir bannenzeg Sécherheet & Verdeedegung - Punkt fir op den OJ

Här President,

Ech géif Iech bieden, dëse Bréif un d'Presidentin vun der Commission de la Sécurité intérieureet de la Défense weiderzeleeden.

Ugesiichts vu verschiddene Virkommessen an de leschte Wochen, wou Polizisten op verschiddene Platzen am Land beleidegt an ugegraff gi sinn, freet d'Sensibilité Politique Piraten, esou wéi den Artikel 23 (3) vun eisem Chambersreglement et virgesäit, fir ee Punkt op den Ordre du Jour vun enger nächster Kommissiounssëtzung ze setzen, fir iwwert d'Aarbechtssituatioun an d'Sécherheet vun der Police an de Respekt géigeniwwer de Polizisten um Terrain ze schwätzen.

Mir wëllen, datt d'Gewerkschaft vun der Police (SNPGL) an och d'Policedirektioun dëser Reunioun bäiwunnen, fir eis d'Situatioun op sougenannten "Hotspots" ze erklären an hier Verbesserungsvirschléi ze präsentéieren.

Mat héijem Respekt,

GOERGEN Marc
Député